PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 12/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Finanzen weiderzeleeden.

Am Aktivitéitsbericht vun 2015 vum CTIE ass vum Projet "*COFRID*" Rieds an dozou krut ee folgend Informatiounen:

> *Le projet COFRID s'inscrit dans le projet de refonte de l'application COREC de l'Administration des contributions directes qui consiste dans la réécriture de l'application COREC existante afin de l'adapter aux nouvelles technologies et en même temps l'adapter aux nouveaux besoins des utilisateurs. Une soumission a été faite portant sur un marché qui comporte l'analyse des exigences et des écarts par rapport à SAP et qui aboutira sur un cahier de charge ainsi qu'un document d'architecture en vue de faire une implémentation de la première partie du projet COFRID, à savoir les volets signalétique, recette et dossier électronique.*

Weider fënnt een awer keng Rapporten doriwwer, wéi et mam Projet COFRID weidergaangen ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune bei der Steierverwaltung hunn um Projet COFRID matgeschafft?
2. Wat waren d'Gesamtkäschte vum Projet? Wéi vill Sue goufe fir Analysen, Etüden a Consulting ausginn? Wéi eng Firme hunn um Projet matgeschafft?
3. Gouf de Projet COFRID ofgeschloss?
   Falls nee, u wéi engen Alternative gëtt zurzäit geschafft, fir an Zukunft een automatiséiert Steierinstrument anzeféieren, a wéi eng weider Ausgabe si fir Analysen, Etüden a Consulting geplangt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député